

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2018

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Am Januar 2018 hunn d'Ministere Claude Meisch an Dan Kersch eng Opwärtung vun der Karriär vun de Chargés d'Enseignement beschloss. Dës Opwärtung gräift souwuel fir déi Chargéen, déi scho virun der Reform vun der Fonction Publique am Joer 2015 am Déngscht waren, wéi och fir all déi, déi nom Oktober 2015 agestallt goufen, respektiv nach agestallt wäerte ginn. D'FEDUSE/Enseignement-CGFP begreist dës Opwärtung am Prinzip, well doduerch d'Bezuelung vun den Employéen am Enseignement mat deenen an der Administratioun gläichgesat gëtt.

Wéi Dir wësst, fuerdere mir zanter längerem eng Regulariséierung vun de Professeurs-Candidats sursitaires no enger Rei Déngschtjoren. Scho bis elo war de järeleche Mannverdéngscht am Verglach zum Professor mat TC (am staark fënnestellige Beräich), nieft allen aneren Nodeeler, an dat bei gläichem Studium a gläichem Stage, no enger gewässer Zäit nëmme méi schwéier ze vermëttelen. Mam neie Stage, also no der Reform vun 2015, gouf en plus och den Travail de Candidature ënnert där Form ofgeschaaft. Zousätzlech ergëtt sech aus der Opwärtung vun der Karriär vum Chargé d'Enseignement, dass dës ab elo quasi déiselwecht Pai an deelweis esouguer méi kréie wéi ee Professeur-Candidat, den sengersäits awer souwuel de Concours gepackt, eng intensiv pedagogesch Ausbildung am Stage absolvéiert an den Examen de Fin de Stage erfollegräich ofgeschloss huet.

D'FEDUSE/Enseignement-CGFP huet dofir an de leschte Méint, an intensive Verhandlung mat Verrieder vum MENJE, mat engem detailléierten Dossier u Berechnungen op dës Ongerechtegkeet higewisen, eng kloer Regulariséierung gefuerdert an och scho konkret Léisungsusätz virgeschloen. Mir si frou, dass den SEW/OGBL dës Fuerderung entretemps och iwweholl huet a fuerderen, datt eise Revendicatiounen nach an dëser Legislaturperiod Rechnung gedroe gëtt.

Nieft eiser Fuerderung no enger Regulariséierung vun de Professeurs-Candidats sursitaires sti mir och a Verhandlung fir eng allgemeng Opwärtung vun der Karriär vum Professor, déi als eenzeg vun all de Karriären am Enseignement an deene leschte Joerzénge net opgewäert, mee souguer kontinuéierlech ofgewäert gouf!

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP